PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 10ten Dezember 2009 reegelt d'Hospitaliséierung vu Persounen, déi mental Problemer opweisen. Et handelt sech heibäi ëm Reegelen, déi déif an d'Fräiheete vun enger Persoun agräifen an déi u sech nëmmen dofir geduercht sinn, deene Leit ze hëllefen, déi eng Gefor fir sech an/oder hiert Ëmfeld duerstellen. D'Placéiere vun enger Persoun an engem Spidol fir mental Gesondheet muss ënnert héchster Transparenz an dem striktem Ofweie vun de Grondrechter vun dëser Persoun, vu Fall zu Fall a mat ganz vill Proportionalitéit tëschent Zil an Zweck decidéiert ginn, fir net fälschlecherweis Mënsche willkürlech anzespären.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht no Demandeur fir eng Placéierung, sou wéi se an de 5 Kategorien aus dem Artikel 7 festgehalen ass:
   - Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn?
   - Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn?
   - Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert?
   - Wéi vill Persoune sinn no enger Entloossung op een Neits placéiert ginn?

2. Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz wärend hirer Observatiounszäit (vu maximal 30 Deeg) entlooss ginn? Wéi laang sinn dës Persounen am Duerchschnëtt placéiert? Wat ass de Medianwäert?

3. Kënnen d'Patiente wärend hirer Observationsperiod géint hire Wëllen staark Medikamenter a Berouegungsmëttel veruerdent kréien? Falls jo, wéi gëtt dëst dokumentéiert, wéi vill Medikamenter verofreecht ginn a aus wéi enge Grënn? Wéi gëtt séchergestallt ,dass dës Dokumentatioun net manipuléiert gëtt?

4. Nom Artikel 42 vum Gesetz muss d'Ministesch der Chamber all 3 Joer ee Rapport vun der Situatioun vun de Spideeler fir mental Gesondheet presentéieren. Dës Rapporten

si fir de breede Public allerdéngs net ze fannen. Kéinten dës Rapporten, ënnert Berécksiichtegung vum Dateschutz vun de Persounen, ënnert PDF-Form um Site vum Ministère verëffentlecht ginn? Falls nee, firwat net?

5. Wéi kënne Persounen, déi zu Onrecht an esou eng Struktur placéiert goufen, sech dogéint wieren?

6. A wéi vill Fäll hu Persounen eng Plainte géint eng Placéierung gemaach, well si zu Onrecht an eng zoue Struktur placéiert goufen? A wéi ville Fäll koumen d'Enquêteuren zu Konklusioun dass dës Leit tatsächlech fälschlecherweis placéiert goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député